# De Karmellenho'uscht.

(D'Mamm setzt an der Stuff ze bitzen. D'Meisy, hirt klèngt Médchen, spilt mat der Popp. Et get sech all Me'h fir ze ho'schten, mais et gêt schlecht.)

*Meisy:* So, Mama, kre'en d'Poppen den Ho'scht och?

*Mamm:* Wuofir mèngst du dat?

*Meisy:* Ma, fir eng Karmell ze kre'en! (ho'scht.)

*Mamm:* Ja, et get allerhand Ho'scht, an 't ass emmer eng gefe'erlech Sâch, wann ên ho'scht.

*Meisy:* (ho'scht) Gèldu, Mama, dat ass uoreg, ech mèngen ech hun den Ho'scht och.

*Mamm:* O'h, huos du den Ho'scht, da musse mer mol no dèr Sâch kukken! Dann ho'scht emol.

*Meisy:* (ho'scht.)

*Mamm:* Me' fest! Nach eng Ke'er! Kannst du net me' fest. Dreimol noenên! Du muss dat nach le'ren.

*Meisy:* We' le'ert ên dat dann, Mamm?

*Mamm:* Wann ên net gèr an d'Scho'l gêt.

*Meisy:* Ech si gèr dran, Mama.

*Mamm:* Ech schwätze jo och net vun dir. — — Dann hèmmst ên eng Ke'er, et verdre't ên d'Aan e bösschen, et schneit ên e Gesîcht we' âcht Dég Rén an da fîrt ên dur. Nu probe'er emol.

*Meisy:* (ho'scht).

*Mamm:* Kuck, et gêt schons besser. Du le'ers um Enn nawèll gutt ho'schten!

*Meisy:* Du mechs jo de Gèck mat mir, ech hu wîrklech den Ho'scht, lauschter emol.

*Mamm:* Majo, Meisy, komm emol hir, De' de Mond op. Gro'ss!

*Meisy:* Wo' setzt dén Ho'scht dann?

*Mamm:* Hal elo de Mond..

*Meisy:* Soll ech en zo'halen oder obmâchen?

*Mamm:* Mâch en ob.

*Meisy:* Da so mer . . .

*Mamm:* Mâch de Mond ob a sef ro'eg! —

*Meisy:* Aaa!!

*Mamm:* (Kuckt de'i an de Mond) Hm! kuck, Meisy, 't ass eng schlemm Geschicht mat dengem Ho'scht.

*Meisy:* Huos du e gesi, Mama?

*Mamm:* Jo, mei Schof, e setzt ganz hannen am Hals a strèckt dén èllene Kapp eraus.

*Meisy:* Hâst du en da net ganz gesin?

*Mamm:* Nê, mei Schof, nemmen de Kapp. Mais 't ass en uorgen Ho'scht déns de huos!

*Meisy:* (ho'scht) Gèlt. Kanns du en dann net erausze'en?

*Mamm:* O, mir gin dé schons Mêschter. Wârt, ech kucke nach eng Ke'er an da froen ech e, wat e gèr hätt.

*Meisy:* O'h, kann en och schwätzen?

*Mamm:* Nu lauschter, De' de Mond ganz gro'ss ob, dass ech e gutt gesin. So'—. So emol, du be'sen Ho'scht. We' hêschst du? (Paus) Ah eso'.

*Meisy:* Mama, we' hêscht en?

*Mamm:* Lauschter elo: Wat musst du kre'e fir fort ze goen. —— (Paus) Ah! Eng oder zwo'?

*Meisy:* Karmèlle, Mama?

*Mamm:* Lauschter elo: Ageweckelter oder einfacher?

Meisy: Gef em ageweckelter ,Mama, du wêss jo, dèr mat Rhum, e kènnt de' vleicht nach net! —

*Mamm:* Ech schwätzen dach mam Ho'scht a net mat dir, Meisy.

*Meisy:* Ech wêss ower wat em gutt ass.

*Mamm:* Da lauschter emol. De Mond op. Ass dat klèngt Médchen hei dann och d'accord?

*Meisy:* Ma gewöss, gewöss. Mama, gef du dem Ho'scht sche' brav wat hie gèr hätt.

*Mamm:* Da lauschter emol: D'Meisy ass alles d'accord. Git der da ganz Ho'scht, wann der de' Karmèlle krit?

*Meisy:* Jo e net ganz fort, Mama.

*Mamm:* A wofir dann?

*Meisy:* Ma, Mamachen, en ass jo net ganz gutt, dén Ho'scht, mais ech kann et awer nawèll aushalen. So zo' em, e soll heiansdo eremkommen! Mama, wann zwe'n dèr Ho'schten do se'tzen, krît da jidderên ètlech Ageweckelter?

*Mamm:* Ma gewöss, soss ge'f jo dén ê be's an uoreg.

*Meisy:* (ho'scht) Mama, ech mèngen hei ass en aneren! —

*Mamm:* Hannen am Enn huos du der och nach an den O're setzen. Nu lauschter emol wat e nach sét. (Paus).

*Meisy:* Ech mèngen e sét: «Breng mer se'er de' Karmèllen!»

*Mamm:* E sét: d'Meisy ass eng klèng Hex! Ech we'sst emol gèr, ob et net topech ass.

*Meisy:* Topech, Mama, wat ass dat?

*Mamm:* Dat ass domm!

*Meisy:* Ech domm!? Wo' kann hien dat mèngen. Mama, ass dat e'scht aus der Klass domm?

*Mamm:* Ja! den Ho'scht mèngt domm, net an der Scho'l, mais karmèllendomm!

*Meisy:* Karmèllendomm?! Do irt en sech. Ech wêss ganz genê wo' de' bèscht sin. Vleicht besser we hien, mèngs du net, Mama?

*Mamm:* Ech zweiwle gur net dru, Meisy. Lôsse mer mol kucken obs du wîrklech net domm bass. (Mamm fort.)

*Meisy:* Ech domm?! Kann ê vun iech mir ofgesin, ech wär topech?! Den e'schte Preis. De' e'scht Zensur? Beim Hèr Paschto'er dat e'scht. Am Enn mèngt d'Mama nach sèlwer, ech wär domm.

*Mamm:* (crem) Nu kuck, Meisy, hei hun ech sechs Zorte Karmèllen! Et si ganz gudder derbei.

*Meisy:* Ech wêss schons, wo' de' bèscht sin.

*Mamm:* Da wârt. Elo lée mer se all dur ob den Desch. De' si fir de Karmèllenho'scht.

*Meisy:* Aaa! All?

*Mamm:* We's du et gèr häss! So'bal den Ho'scht do ass, kanns du em èng, zwo', drei, se all gin, we's de wölls. — Wann ech dann eremkommen, kucken ech, obs du wîrklech net topech bass.

*Meisy:* Wat kre'en ech dann, Mama?

*Mamm:* Ah! dat ass jo schons gescheit. Mer kucken emol.

*Meisy:* (elèng) Kuckt de' gutt Karmèllen um Desch. Ass d'Mama domm oder ass d'Meisy domm. D'Mama ass net domm, dat wêss ech. Dat mat dem Ho'scht ass mer eng gelunge Geschicht. Ech hu kên Ho'scht, mais ech hätt gèr eng Karmèll. Ei, we' gutt, we' fein? — Hei sin de' bèscht — Lôsse mer de' ob d'Seit léen! — (Lét de Fanger op de Mond a lauschtert, sprengt ob eng Ke'er ronderem den Desch a rifft:) Ah, Mamachen, elo, elo wêss ech et! Du wölls dei Meisy op

d'Pro'f sètze mat dém Karmèllenho'scht! Da wârt: Ech wöll kèng! Net mol ê Steck! Dat war eng Flaus we' sî mam Ho'scht geschwat. Mama! Mama!

*Mamm:* (kent eran) Ja, Meisy?

*Meisy:* Mein Ho'scht ass fort, ganz fort.

*Mamm:* An d'Karmèllen?

*Meisy:* Hei, Mamachen, nach allegurt. Ech wöll kèng! Sin ech domm?

*Mamm:* A wofir hels de da kèng?

*Meisy:* Wèll ech kèng *wöll!*

*Mamm:* A wofir wölls de da kèng?

*Meisy:* Fir dir ze weisen, dass d'Meisy hannert der Mamm hirt Spil geseit an dass ech och o'ni Karmèlle ka liewen!

*Mamm:* Dat huot dei Schutzengel der gesot, Meisy.

*Meisy:* Ech mèngen och. Mama, ech hun ên hêmlech he're pöspern: Wöll kèng!

*Mamm:* An du konns follegen!

*Meisy:* Wèll ech net domm sin, Mama!

*Mamm:* Nê, mei Schof, du bass net domm! Lauschter emmer eso' gutt. Du darfs elo all Karmèllen huolen o'ni Ho'scht. So fro' sin ech.

*Meisy:* Mama, ech droen dem Trinchen s'îwer, dat d'Riédelen hat. Ah, gesit der elo allegur ech war net domm! Eddi, Karmèllenho'scht!

